



Beschreibung

vun den Aufgabe fir d'Salariés mam Statut vum travailleur handicapé fir déi verschidden Aarbechtsberäicher am Restaurant « Madame Witzeg », Atelier d'inclusion zu Bieles, Op der Waassertrap.

D'Aarbecht ass variabel a gëtt den individuelle Kompetenzen a Virléifte vun all Persoun ugepasst :

Poste A : Gestiou vum Restaurant

- Mathëllefe bei der Organisatioun vu sozialen a kulturellen Aktivitéiten am Restaurant (Ausstellungen, Fester, Live Musek...)
- Mathëllefe bei der Qualitéitskontroll vun de geliwwerte Liewensmëttelen
- Reklamm maache fir eis Produiten, op Facebook a Poster
- All Reegelen an Normen anhale fir d'Propretéit an d'Hygiène souwéi de Botzplang
- All Reegelen an Normen anhale fir d'Sécherheet
- Rechnungen opstelle fir d'Clienten
- Oppassen dass all HACCP Reegelen agehal ginn
- Hëllef de Botzplang anzehalen, de Restaurant botzen a fir d'Clientë preparéieren
- D'Clientë beroden an op hir Froen äntweren
- D'Clienten zerwéieren
- De Restaurant fir de Service preparéieren (Dëscher decke mat Besteck, Telleren, Zerwéiten...)
- Regelméisseg deelhuele u Versammlung u mat der Ekipp
- Zesumme schaffe mat der ganzer Ekipp
- Hëllef dass alles klappt a gutt oppassen op d'Saachen an d'Geschier

Poste B : Service am Sall an op der Terrass

- D'Clienten zerwéieren
- De Restaurant fir de Service preparéieren (Dëscher decke mat Besteck, Telleren, Zerwéiten...)
- Mathëllef ze kontrolléieren ob all d'Liewensmëttelen frësch sinn
- All Reegelen an Normen anhale fir d'Propretéit an d'Hygiène souwéi de Botzplang
- Matschaffen esou dass de Restaurant gutt fonctionnéiert
- Dofir suergen dass d'Clienten an d'Aarbechtskolleegen zefridde sinn
- Rechnungen opstelle fir d'Clienten
- HACCP Reegelen anhalen
- D'Clientë beroden an op hir Froen äntweren
- Mathëllef de Sall an d'Terrass ze botzen an opzeraumen
- D'Dëscher decken an dekoréieren
- Regelméisseg deelhuele u Versammlung u mat der Ekipp
- Zesumme schaffe mat der ganzer Ekipp
- Hëllef dass alles klappt a gutt oppassen op d'Saachen an d'Geschier



Poste C : Hëllef an der Kichen

- All Reegelen an Normen anhale fir d'Propretéit an d'Hygiène souwéi de Botzplang
- Mathëllefen dass alles am Restaurant gutt klappt, fir dass jiddereen zefridden ass
- Dem Chef hëllef beim Kachen
- Uebst a Geméis botzen, schielen a kleng schneiden
- Fleesch a Fësch botzen a portionéieren
- Mathëllef bei allem wat soss nach an der Kichen ufällt
- Kal Platen alleng preparéieren a schéin op den Telleren uriichten
- Nei Platen zesumme mam Koch erfannen a Rezept opschreiwen
- Portiounen vum lëssen andeelen
- Plate preparéieren a schéin op den Telleren uriichten
- Oppassen dass alles, esou wéi bestallt, richtig geliwwert gëtt
- HACCP Normen anhalen
- Mathëllef de Restaurant ze botzen an de Sall opzeraumen
- Dëscher decken an dekoréieren
- Mathëllef bei der Organisatioun vun Aktivitéiten an Evenementer
- D'Reserve am Lager kontrolléieren
- Reegelméisseg deelhuewen u Versammlung mat der Ekipp
- Zesumme schaffen mat der ganzer Ekipp
- Hëllef dass alles klappt a gutt oppassen op d'Saachen an d'Geschier

Poste D : Hëllef am Gaart an op der Terrass

- Sech ëm d'Héichbeeter këmmen, Kraider planzen, netzen, Onkraut eraushuelen
- Sech ëm d'Blummebacke këmmen, netzen, Onkraut eraushuelen
- Sech am Restaurant ëm d'Blummen an d'Planze këmmen, se netzen
- Sech ëm de Blummedekor op den Dëscher këmmen a reegelméisseg erneieren
- Uechtginne dass d'Miwwelen op der Terrass richtig stinn
- Terrass botzen a kieren
- D'Dëscher op der Terrass decken
- Mathëllef bei der Organisatioun vun Aktivitéiten an Evenementer
- D'Sécherheetsreegelen anhalen
- Reegelméisseg deelhuewen u Versammlung mat der Ekipp
- Zesumme schaffen mat der ganzer Ekipp
- Hëllef dass alles klappt a gutt oppassen op d'Saachen an d'Geschier



Kandidatur:

Schéckt eis Ären ausféierleche Liewenslaf, Är Kandidatur, de Registerausuch N°5 an eng Kopie vun Ärer Carte d'Identité per Post bis spéitstens de 15. August 2022 un:

Concept21 s.à r.l. 20, route de Luxembourg, L-6910 Roodt/Syre

oder mailt Ären ausféierleche Liewenslaf, Är Kandidatur souwéi ee SCAN vun den ugefuerderten Dokumenter u concept21@trisomie21.lu

Onvollstänneg an net dem gewünschte Profil entspriechend Kandidature ginn net berücksichtegt.

Fir weider Informatiounen wennt Iech wgl. un eis:

Telefon: 00352 – 621686262 oder per Mail: concept21@trisomie21.lu